**N° 4123**
Reçue le 20.04.2021

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Laut der Police Statistik, déi de 26. Mäerz 2021 publizéiert gouf, gouf 2020 zu Lëtzebuerg 1404 mol erfollegräich a bewunnten Haiser agebrach. Zousätzlech gouf et 972 Abréchversich a bewunnten Haiser.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister:

1) Laut der Police Statistik goufen d'lescht Joer insgesamt 390 Abréch opgekläert. Wéivill vun dësen Opklärungen entfalen op erfollegräich Abréch a privat Wunnhaiser a wéivill op Abréchversich a privat Wunnhaiser?
2) A wéivill Fäll koum et zu enger Verurteelung duerch d'Justiz? Wéi eng Täterprofiller hunn sech erginn?
3) Gouf et Fäll wou Leit bei den Abréch a privat Wunnhaiser verletzt goufen? Wa jo, wéivill an duerch wéi eng Ëmstänn?
4) A wéivill Fäll konnten déi geklauten Objete vun der Police sécher gestallt ginn? A wéivill vun deene Fäll waren se zu Lëtzebuerg stockéiert an a wéivill Fäll am Ausland?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

Luxembourg, le 19 MAI 2021

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Dossier suivi par :
Francine May
247- 84687
qp@msi.etat.lu

**Objet : Question parlementaire n° 4123 du 20 avril 2021 de Monsieur le Député Fred Keup**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-74610
Fax (+352) 247-94678

www.gouvernement.lu/msi
www.luxembourg.lu

**Gemeinsam Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet an der Madamm Sam Tanson, Ministesch fir Justiz zu der parlamentarescher Fro n° 4123 vum éierbaren Deputéierten Här Fred Keup iwwert "Abréch a privat Wunnhaiser"**

**Ad 1):**

Vun den 390 Abréch, déi d'Police am Joer 2020 gekläert huet, entfalen der 161 op Abréch a privat Wunnhaiser an 16 op versichten Abréch a privat Wunnhaiser.

**Ad 2):**

Fir d'Fäll wou et zu enger Verurteelung an éischter Instanz wéinst Abroch koum, sinn d'Zuelen folgend:

| | 2020 |
|---|---|
| **Diekirch** | 3 |
| **Luxembourg** | 45 |
| **Total** | **48** |

Opgeleescht no Juridictioun an Geschlecht vun den Beschëllegten, sinn d'Zuelen folgend:

| Row Labels | 2020 |
|---|---|
| **Diekirch** | **3** |
| | |
| **Homme** | 3 |
| **Luxembourg** | **45** |
| **Femme** | 4 |
| **Homme** | 41 |
| **Total** | **48** |

Opgeleescht no Juridictioun an Alter vun den Beschëllegten, sinn d'Zuelen folgend:

| | 2020 |
|---|---|
| **Diekirch** | **3** |
| **18 - 29** | 1 |
| **30 - 39** | 1 |
| **40 - 49** | 1 |
| **Luxembourg** | **45** |
| **18 - 29** | 16 |
| **30 - 39** | 19 |
| **40 - 49** | 7 |
| **50 - 59** | 1 |
| **inconnu** | 2 |
| **Total** | **48** |

Den Täterprofil ass kee Krittär dee bei der Poursuite e Rôle spillt. D'Justiz huet och kee Service déi kriminologesch Analyse mécht.

**Ad 3):**
Täter-Opferkontakt besteet an de mannste Fäll. 2020 hat d'Police 6 Fäll vun Déifställ mat Gewalttätegkeeten/Menacë a private Wunnhaiser, woubäi Persoune liicht verletzt goufen. Weider ass eng Persoun verletzt ginn, déi versicht hat d'Täter, no engem Abroch, op der ëffentlecher Strooss festzehalen.

**Ad 4.)**
D'Police féiert aktuell keng Lëschten zu den geklauten Objeten.